



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

E Privatmann huet an engem private Facebook-Message un den Här Bausseminister säin Desaccord mat der Flüchtlingspolitik vun der Regierung markéiert an dësen opgefuerdert, déi ze änneren oder ze demissionéieren. Dorops huet de Minister op Facebook dëse private Message publik gemaach a präziséiert, datt de Mann Arbitter am Fussball ass. Op Grond vun dësem Post huet sech den FLF-President fir de Privatmann entschëllegt a Sanktiounen ugekënnegt, wéi RTL gemellt huet. Eises Wëssens no, ass de Mann an d'Arbitter-Kommissioun geruff a mëndlech fir e puer Méint gespaart ginn.


Elo war säi Message, vun deem mir vum Här Bausseminister sengem Facebook Kenntnes hunn, net manéierlech am Toun awer och net extrem an der Ausso. Et ass e Message, deen an enger Demokratie politesch duerchaus legitim ass mam Wuertlaut: „Jang Asselborn hal op Flüchtlingen eran ze huelen. Mir hun aner Problemer wie datt doen oder demissionéieren“.

Datt e private politesche Message vun engem Arbitter zu Sanktiounen bei der FLF féiert, werft eng Rei Froen un den Här Sportminister op:

1. Ass de Sportministère zoustänneg, fir ze garantéieren, datt eng Sportfederatioun, där hir Selbstännegkeet mir net a Fro stellen, no den elementare Prinzipie vun engem demokratesche Rechtsstaat funktionéiert?
2. Wa jo, wéi kann den Här Minister kontrolléieren, datt eng Federatioun keng ondemokratesch Decisiounen hält an datt hir Prozedure de Rechtsstaat respektéieren?
3. Ass den Här Minister d'accord fir ze soen, datt eng géintwäertig engem Minister net ëffentlech geäussert politesch Meenung vun enger Privatpersoun net dierft Sanktiounen vun enger Sportsfederatioun no sech zéien?

4. Ass den Här Minister d'accord fir ze soen, datt an enger Federatioun weder d'politesch Meenung vun den Aktiven nach déi vun de Fonctionairen dierften eng Bedeitung hunn, esou laang si um Buedem vun der Rechtsstaatlechkeet sinn, an datt en Aktiven an enger Sportfederatioun net därerf säi Recht op politeschen Engagement verléieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten